

DEMENZ-VERSPRIECHEN FIR D'EUROPAWALEN 2019

Ongeféier 9,1 Milliounen Mënschen an Europa hunn eng Demenz - ongeféier 7.000 Leit zu Lëtzebuerg. Well d'Bevëlkerung an Europa ëmmer méi al gëtt, klëmmt dës Zuel bis zum Joer 2040 viraussichtlech op 14 Milliounen Mënschen.

Well et nach ëmmer keng Medikamenter ginn, déi d'Krankheet heele kënnen, an den Accès zur Diagnos, Behandlung a gudder Fleeg an de Memberstaate vun der Europäescher Unioun ganz ënnerschiddlech sinn, mussen d'EU-Institutionen d'Thema „Demenz“ an de Beräicher Gesondheet, Fuerschung an Innovatioun esou wéi am soziale Beräich als Prioritéit erklären.

Alzheimer Europe a seng Memberen fuerderen dofir all d'Kandidatinnen an d'Kandidaten fir d'Europawalen op, hir Campagne „European Dementia Pledge“ ze ënnerstëtzen.

Am Fall vu menger Wal an d'Europa-Parlament wäert ech

1. der Europäescher Alzheimer Alliance bäitrieden.
2. d'Campagne vun Alzheimer Europe a senge Memberen ënnerstëtzen, d'Thema „Demenz“ zu enger Prioritéit erklären a Folgendes fuerderen:
 - d'Erhéije vum EU-Budget fir eng besser Fuerschung an eng besser Kooperatioun an dësem Beräich,
 - d'Kreatioun vun enger europäescher Fuerschungsmissioun fir d'Präventioun an d'Heelung vun der Alzheimer-Krankheet an aneren Demenzerkrankungen,
 - d'Entwécklung vun enger Plattform fir den Austausch vu gudden Praxisbeispiller tëschent den europäeschen Länner,
 - d'Unerkennung vun der Demenz als Behënnerung an déi entsprechend Abezéiung vun der Demenz an d'EU-Behënnertepolitik,
 - d'Würdegung an der Sozialpolitik vun de Leeschtungen vun de Familljememberen an der Fleeg vu Mënschen mat Demenz.
3. Demenz Partner (Dementia Friend) ginn an demenzfrëndlech Initiativen a mengem Land ënnerstëtzen.

Virnumm:

Partei:

Twitter:

Hausnumm:

Land:

Internetsäit:

Ënnerschrëft: